PIRATEN
SENSIBILITÉ POLITIQUE
22, RUE DE L'EAU
L-1449 LUXEMBOURG

Fernand ETGEN
President vun der
Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 20/10/2020

Här President,

Sou wéi den Artikel 84 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës <u>dringend</u> parlamentaresch Fro un d'Ministere fir Aussenugeleeënheeten an Europa & Gesondheet weiderzeleeden.

Zënter e puer Woche geet d'Unzuel vun de Covid-19-Infektiounen uechtert Europa staark an d'Luucht. Bei eise belschen Nopere klammen d'Zued'Zuelelen vun Dag zu Dag an et sinn aktuell ronn 2500 Patiente wéinst dem Coronavirus hospitaliséiert. Besonnesch beonrouegend ass d'Situatioun zu Léck, wou schonn dovunner Rieds ass, dass d'Spideeler an nächster Zäit kéinten iwwerfëllt sinn. Verschidden Expären an der Belsch schwätzen dovunner, datt d'Situatioun an hire Spideeler deemnächst kéint ausser Kontroll geroden, wann d'Infektiounszuele weider klammen.

An deem Zesummenhang wéilt ech de Ministeren dës Froe stellen:

1. Wäert d'Regierung, änlech wéi wärend der éischter Well, eise belschen Noperen Hëllef ubidden a belsch Covid-19-Patienten an eise Spideeler ophuelen, falls d'Situatioun an der Belsch sech weider zouspëtze wäert?

2. Huet d'Regierung der Belscher Regierung schonn hier Dispositioun an Hëllefsbereetschaft matgedeelt?

Mat déiwem Respekt,

GOERGEN Marc
Député